N° 5060
Reçue le 07.10.2021
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 07.10.2021

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7. Oktober 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ëmweltminister an un den Här Mobilitéitsminister weiderzeleeden.

D'Regierung huet an hirer Ëmweltpolitik bis elo ëmmer de Prinzip vum "pollueur-payeur" vertrueden. Dëse soll deemno garantéieren, datt Leit, déi duerch hire Gebrauch vun enger spezifescher Energiequell méiglech negativ Konsequenzen op d'Ëmwelt verursaachen, och finanziell fir d'Konsequenze vun dësem Schued opzekommen hunn, esou datt dës Käschten net op d'Allgemengheet ofgewälzt ginn. An deem Kontext stellen sech elo awer och eng Rei Froen am Hibléck op d'Notze vun der Elektromobilitéit. Rezent huet op en Neits en Elektroauto gebrannt, dee mat groussem Opwand vun den involvéierte Pompjeeën an e Container huet missen deplacéiert ginn, fir en do mat groussem Opwand ze läschen. Dës gréisser Asätz vun de Pompjeeën hunn iwwerdeems net seelen Auswierkungen op de Verkéier, wann z.B. Stroossen oder soss ëffentlech Plazen temporär fir de Verkéier musse gespaart ginn.

An deem Kontext hätt ech folgend Froen un d'Regierung:

1) Ass d'Regierung sech dem groussen Opwand - ëmweltméisseg a finanzieller Natur - bewosst, deen d'Läsche vun engem Elektrogefier mat sech zéie kann?
2) Misst an den Ae vun der Madamm Ëmweltminister an dem Här Mobilitéitsminister an deem Kontext - ganz an der Linn vum Prinzip vum "pollueur-payant", deen d'Regierung vertrëtt - net och fir Gerechtegkeet gesuergt ginn, datt effektiv och just d'Notznéisser vun der Elektromobilitéit fir eventuell Schied opzekommen hunn, esou datt dës net op d'Allgemengheet ofgewälzt ginn?
3) Wa jo, wéi wëll d'Regierung elo konkret virgoen, fir e System op d'Been ze stellen, dee garantéiere soll, datt d'Käschte vu méigleche Schied duerch d'Elektromobilitéit net op d'Allgemengheet ofgewälzt ginn?
4) Wann nee, wéi ass et an den Ae vun der Regierung ze rechtfäerdegen, datt just am Beräich vun der Elektromobilitéit de Prinzip vum "pollueur-payant" ausser Kraaft gesat gëtt? Ass dëst net eng Ongerechtegkeet am Hibléck op d'Allgemengheet vun de Bierger, déi fir hiren Deel jo och nom Prinzip vum "pollueur-payant" finanziell belaascht ginn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

N° 5060
Reçue le 16.11.2021

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung an dem Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°5060 vum 7. Oktober 2021 vum éierewäerten Deputéierten Här Fernand Kartheiser iwwert "Application du principe "pollueur-payeur" dans le cadre de l'électromobilité"

Déi pauschal Behaaptung, de Brand vun engem Elektroauto wier grondsätzlech mat groussem Opwand verbonnen, ass falsch. Den Opwand hänkt vu ville Facteuren of, genee esou wéi dat och bei Autoe mat Verbrennungsmotoren de Fall ka sinn. Dëst gouf méi am Detail an den Äntwerten op d'parlamentaresch Froen n°1774 a n°4345 erkläert. Dofir kann een och net soen, dat de finanziellen Impakt oder deen op d'Ëmwelt beim Elektroauto ëmmer méi grouss wier, wéi bei engem Auto mat Verbrennungsmotor.

De Prinzip vum Pollueur-Payeur gëtt grondsätzlech net bei der Brandbekämpfung ugewannt. Dës Leeschtung ass een Deel vum Service public deem seng Käschte vun der Allgemengheet solidaresch gedroe ginn. Am anere Fall misst dee Prinzip fir all Asätz gëllen a net just fir Bränn vun Elektrogefierer. An der Praxis wier dat schwiereg ëmsetzbar.

Lëtzebuerg, den 16. November 2021
(s.) Carole Dieschbourg
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung